piraten.lu

PIRATEN

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 10/12/2025

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Bildung, Kanner a Jugend weiderzeleeden.**

Mir ass ee Fall bekannt, wou eng privat Crèche ee Palestina-Fändel ausgehaangen huet an domadder ee politesche Statement mécht.

Bildung sollt esou fräi wéi méiglech vun Doktrinne sinn, ob politesch, reliéis oder kulturell. De Staat dierf a muss de Kanner natierlech politesch, reliéis oder kulturell Iddie bäibréngen, mee en dierf hei op kee Fall Iddie prioriséieren.

Privat Crèchen ginn iwwert Konventioun an Agrément mat Staatsgelder finanzéiert a si mussen sech, fir d'Suen ze kréien, un de *"cadre de référence national sur l'éducation non formelle des enfants et des jeunes"* halen.

D e *Cadre national de référence* betount d'Wichtegkeet vun enger politesch neutraler Bildung, wou d'Professionell sech professionell an neutral solle verhalen an d'Kanner an d'Familljen net mat politesche Symboler konfrontéiert solle ginn.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Dierf eng Crèche ee Fändel ophänken, deen eng ideologesch Iddi representéiert?

Sensibilité Politique Piraten
Chambre des Députés

piraten.lu

PIRATEN

2. Gëtt et eng Obligatioun zur Neutralitéit fir Crèchen, déi eng Konventioun mam Staat oder een Agrément vum Staat hunn, a verbitt dës och d'Affichage vu politeschen, reliéisen oder ideologesche Symboler?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten

Sensibilité Politique Piraten
Chambre des Députés